N°7497
Entrée le 17.02.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7497 vum 20. Januar 2023 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt sech eng Rei Froen am Zesummenhang mam Taux de Réussite am Kader vum Führerschäinsexamen.

Den Taux de Réussite stellt sech säit 2013 wéi folgendermoossen duer:

***Tableau 1. Taux de Réussite - Prakteschen Exame vum B Führerschäin***

| 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 | 2021 | 2022 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| 50,2 % | 50,5 % | 50,4 % | 50,1 % | 53,3 % | 54,9 % | 51,2 % | 52,5 % | 48,9 % | 47,5 % |

Et sief an dësem Zesummenhang dorops higewisen, dass d'Krittäre vum Examen an vun der Ausbildung an deem Zäitraum net geännert hunn.

D'Krittäre an déi verschidde Matière déi am Kader vun der Führerschäinsausbildung mussen enseignéiert a vun de Kandidate musse geléiert ginn komme gréisstendeels aus der europäescher Directive iwwert de Führerschäin. D'Ziel vun der Ausbildung ass et deemno och, dem Kandidat alles bäizebréngen, wat ee braucht fir e Gefier sécher op der Strooss bewegen ze kënnen. Déi motoresch Fäegkeete gehéieren deemno och dozou a mussen och, während de Fahrstonne vun de Kandidate geléiert ginn. Beim Exame muss da gepréift ginn, op e Kandidat dat néidegt Wëssen an déi néideg Fäegkeeten huet fir kënnen e Führerschäin ze kréien. Eng Analys an deem Zesummenhang ass net geplangt an och net néideg.

Wat den Handy um Steier ugeet, esou ass d'Bentotze vum Handy während dem Fueren generell verbueden, wat natierlech och fir d'Führerschäinsausbildung gëllt. Dësen huet also op d'Resultater vun den Examen keng Auswierkung.

Et ass net geplangt eng Analys zu den Exame während der Pandemie ze maachen.

Et ass och net geplangt de super reduzéierten Taux vun 3%TVA bei de Fahrstonnen anzeféieren. Déi rezent Ännerunge bei der TVA sinn d'Resultater vum Tripartitesaccord. De Führerschäi war net Deel vun dëse Verhandlungen.

Lëtzebuerg, den 16. Februar 2023

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch